



souguer wann dat esou ass, huet d'Chamber en Droit de regard dorobber a ka kucken, wat mer maachen. An iwwregens decidéiert d'Chamber och, well et ass de Budget vum Staat, deen d'Chamber jo stëmmt. Do stinn d'Montanten dran all Joers, wivill mer ausgi fir de Finanzement vum RGTR. Dat heescht, et ass kloer alles ëffentlech-rechtlech organiséiert. An duerch dat Gesetz hei wäert dat éischter gestärkt ginn, déi Approche, wéi geschwächt ginn. An duerfir mengen ech, datt do och, wéi gesot, u sech kee Risiko ass.

Vläicht huet dat lech elo alles iwwerzeegt, fir Är Meenung ze änneren. Wann net, bon, ech soen awer nach eng Kéier Merci fir déi grouss Zoustëmmung.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7490. Den Text steet am Document parlementaire 7490°.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7490 et dis-pense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

10. 7493 - Projet de loi relatif à l'interopérabilité ferroviaire, à la sécurité ferroviaire et à la certification des conducteurs de train

Mir kommen elo zum Projet de loi 7493 iwwert d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv am Zuchberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A wie kéint anescht Rapporteur si wéi den honorabelen Här Carlo Back? Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back (*déi gréng*)**, *rapporteur*.- Villmools merci, Här President, fir Är léif Wierder. Kolleeginnen a Kolleegen, jo, haut setze mer mat dësem Projet de loi ee weideren Deel vum véierte Paquet ferroviaire vun der Europäescher Unioun ëm, an zwar vum technesche Pilier. Dat sinn Dispositiounen an eisem Projet de loi iwwert d'Interoperabilitéit an d'Sécherheet vum Schinneverkéier

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Derbäi kommen dann awer och nach Dispositiounen aus enger scho méi aler EU-Direktiv iwwert d'Zertifikatioun vun de Conducteurs de train an eng generell Iwweraarbechtung respektiv Refonte vun eiser nationaler Gesetzgebung an dëser Matière.

Et ass deemno e ganz techneschen Dossier. De Volet politique vun dësem véierten europäesche Gesetzespak am Schinneberäich hu mir iwwregens schonn am Mee 2019 votéiert an och domat ëmgesat. Dat ass d'Gesetz vum 6. Juni 2019 „relative à la gestion, à l'accès, à l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire“.

Zënter ronn 20 Joer gouf op EU-Niveau versicht, de Secteur vum Transport op de Schinne souwuel fir de Wuerentransport wéi och fir de Persounentransport mat Hëllef vun EU-Gesetzespäck aus Direktiven a Reglementer ëmmer méi breet opzemaache fir d'Konkurrenz. Dëst huet véier Paquet-ferroviairë mat sech bruecht, wouvun dee véierten am Abrëll 2016 fir seng Partie technique respektiv aacht Méint duerno, am Dezember 2016, fir seng Partie politique op EU-Niveau adoptéiert gouf.

Mat der successiver Ëmsetzung vun dëser europäescher Gesetzgebung huet och eis national Gesetzgebung an engem reegelméissege Rhythmus geännert. Dëst huet mat sech bruecht, datt eis national Gesetzgebung schwéier liesbar gouf. Mam schonn ernimmte Gesetz vum 6. Juni 2019 gouf dofir och eis national Gesetzgebung am Schinneberäich op de Leescht geholl, fir eeben dës Lektür ze verbessern, eis Texter juristesch ofzesécheren an, le cas échéant, och nei ze strukturéieren.

A mam haitege Projet de loi gëtt dës generell Refonte vun eiser Schinnegesetzgebung elo weidergefouert.

Am Detail geet et deemno ëm d'Transpositioun vun der EU-Direktiv 2016/797 iwwert d'Interoperabilitéit am Kader vum Système ferroviaire an Europa, der EU-Direktiv 2016/798 iwwert d'ferroviaire Sécherheet an der EU-Direktiv 2007/59 iwwert d'Zertifikatioun vun den Zuchchauffeuren; dat sinn also déi Leit, déi mat Lokomotiven oder Zich um europäesche Schinnennetz fueren. An, wéi gesot, et geet och ëm d'Weiderféiere vun der Refonte vun eiser nationaler Eisebunnsgesetzgebung.

Léif Kolleegen, Kolleeginnen, Här President, erlaabt mer, nach e puer Wuert zum historesche Kontext vun dësem véierte Paquet ferroviaire ze soen.

D'Ambitioun vun der EU resuméiert sech hei am folgende Saz: „vers un espace ferroviaire unique européen“. D'europäesch Politik betreffend den Transport op de Schinnen huet versicht, esou wéi et schonns an anere Secteure gemaach gouf, eng Harmoniséierung an eng Liberaliséierung vun dësem Secteur erbäizeféieren. Dëst soll realiséiert ginn iwwer eng Dynamiséierung vun dësem Transport-secteur, déi dra besteet, de Marché opzemaache fir méi Konkurrenz, an duerch d'Schafe vun engem europäeschen Transportsystem, genannt „espace ferroviaire“.

Dës Politik huet 1991 ugefaangen an engem Moment, wou, wéi Der all wësst, dësen Transportsystem esougutt national wéi och europäesch an engem schlechten Zoustand war. Eng éischt Direktiv hat d'Zil, den Entretien vum Eisebunnsnetz ze trenne vun der Exploitatioun vum Netz, wat also op de Schinne fiert.

1996 gouf dunn en éischte Livre blanc publizéiert mam Titel „Une stratégie pour revitaliser les chemins de fer communautaires“, mat deem d'EU-Kommissioun ugekënnegt huet, an Zukunft méi e breet a kohärent legislatiivt Arsenal op den Instanzewee ze bréngen, dat heescht, déi zukünfteg Approche mat besser openeen ofgestëmmte Gesetzespaqueten anzeféieren.

Den éischte Paquet ferroviaire, dat war 2001, deen huet de Wuerentransport, de Fret, liberaliséiert. E schreift och eng legal a fonctionnel Separatioun tëschent dem Gestionnaire d'infrastructure, also dem Schinnennetz, an der Entreprise ferroviaire vir, déi zoustänneg ass, Persounen oder Gidder ze transportéieren.

Den zweete Paquet ferroviaire ass vun 2004. Deen huet d'Liberaliséierung vum Giddertransport iwwert d'Schinnen nach méi wäit ausgebaut respektiv den internationale Giddertransport opgemaach fir d'Konkurrenz. Des Weidere gouf eng „Agence ferroviaire européenne“ kreéiert.

Dann den drëtte Paquet ferroviaire vun 2007, deen huet d'europäesch Schinnennetz fir d'Konkurrenz um internationale Reesenderservice opgemaach an huet de Cabotage agefouert. Cabotage heescht, datt d'Reesender kënnen an engem anere Land aus dem Zuch gelooss ginn oder erageholl ginn an datt dës Firma och muss kënnen Tickete fir dës Cabotagestrecken an engem anere Land verkafen. Dës Direktiv huet des Weideren och d'Rechter vun de Passagéier verstärkt.

Du gouf och op EU-Niveau de Besoin ëmmer méi akut fir eng Refonte vun zumindest deenen eelsten EU-Direktiven, déi dee Moment schonn esou dacks geännert gi waren, datt se ganz oniwwersiichtlech goufen. 2012 goufen dofir déi véier eelst Direktiven an eng eenzeg Direktiv fusionéiert.

Mam véierte Paquet ferroviaire vun 2016, ëm deen et jo haut geet, huet d'EU-Kommissioun d'Ambitioun, fir d'Qualitéit an d'Performancë vun den nationale Schinnentransportservicer, virun allem awer innerhalb vun dem ugestriefften Espace ferroviaire européen unique, ze verbessern. Dëse véierte Paquet soll mat sengen zwee grousses Voleten, dem Volet technique, dee mer haut also diskutéieren, an dem Volet politique déi lescht juris-

tesch, institutionell an technesch Hindernisser aus dem Wee raumen.

Elo e puer Erklärungen zu dësem Projet de loi:

Fir datt esou technesch Spezifisitéiten am europäesche Raum an de Länner ëmgesat kënnen ginn, brauch een Organisatiounen respektiv Strukturen, déi dat an d'Hand huelen a kontrolléieren. Dofir gouf eng „Agence de l'Union européenne pour les chemins de fer“ an d'Liewe geruff souwéi och national Instanzen, déi zu Lëtzebuerg „Administration des chemins de fer“ heescht an dem Minister fir Transport ënnersteet. Dës europäesch Agence orchestréiert och dat technesch europäescht Reegeliwerk a gëtt dobäi ënnerstëtzt vun enger nationaler Organisatioun.

Wéi gesot, dëse Projet de loi begräift dräi grouss technesch Kapitenen iwwer Interoperabilitéit, Sécherheet an Zertifikatioun vun deene Persounen, déi op dëse Gefierer an hirem Land, mee och am Ausland fuere sollen.

Ech erspueren lech hei a mengem mëndleche Rapport awer all déi technesch Detailler - dat sinn der eng jett -, op déi ech a mengem schrëftleche Rapport, deen lech all virläit, méi genee agaange sinn.

Et gouf och hei Avisa vu verschiddene Chamberen. D'Chambre des Salariés huet an hirem Avis vum 19. Dezember 2019 dov u profitéiert, fir hir Positioun zu der Liberaliséierung vum schinnegebonnenen Transport am Generellen ze argumentéieren an drun ze erënneren: D'Chambre des Salariés bedauert hei virun allem déi negativ Effeten op Sozial- a Sécherheetskonditiounen. Dann erënnert se drun, datt bis elo keng Evaluatioun vun den Effete vun der EU-wäiter Liberalisatioun gemaach gouf, kënn zur Konkusioun, datt d'Liberaliséierung net zu deenen erwënschte Resultater komm ass, a gëtt dofir och en negativen Avis zu dëser Direktiv a virun allem hirer Ëmsetzung an nationaalt Recht of.

Den Avis vun der Chambre de Commerce ass vum 4. Juni 2010. Den Avis vun der Chambre de Commerce gesäit dëse Projet de loi positiv a begréisst och ausdrëcklech de Volet „Refonte“ vun der aktueller Gesetzgebung am Sënn vun enger besserer Liesbarkeet. Dës Gesetzgebung géif dann och dozou bäidroen, d'Sécherheet um schinnegebonnenen Netz ze verbessern, dëst grad och am Kontext vun enger nohalteger Mobilitéit.

Den éischten Avis vum Staatsrot ass vum 26. Mee 2020. D'Kommissioun huet de Projet an hirer Sëtzung vum 17. September 2020 examinéiert an huet zwou Serië vun Amendementer gemaach. De Staatsrot huet dunn an de Sëtzunge vum 1. Dezember a vum 19. Dezember Avis complémentaires zu dësen Amendementer adoptéiert an in fine och den Accord ginn.

An zu gudder Lescht huet eis Mobilitéits- an Travaux-publics-Kommissioun de finalen Text vum Projet de loi de leschten Donneschdeg, de 14. Januar 2021, an hirem schrëftleche Rapport festgehalen a recommandéiert der Chamber eebenfalls, den Accord zu dësem Text ze ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat dann direkt den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance***.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet deen éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Serge Wilmes.

Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes (*CSV*)**.- Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz: Ech soe Merci dem Rapporteur a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance***.- Merci, Här Wilmes. Dann, nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn (*DP*)**.- Merci, Här President. Ech géif et och dobäi beloossen, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir seng zwee Rapporten, säi schrëftleche wéi och säi mëndlechen. Ech mengen, et ass eng ganz technesch Matière. Felicitatioun, Dir hutt et ganz gutt fäerdegbruecht, eis dat ganz plausibel ze erklären! Dofir villmools merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance***.- Merci och dem honorabelen Här Max Hahn. An dann hätt d'Wuert déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen (*LSAP*)**.- Jo, merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir dee gudden schrëftleche Rapport an dee ganz gutt verständigeleche mëndleche Rapport fir eng Matière, déi awer relativ komplizéiert ass. D'Attraktivitéit vum Zuch ze verbessern, ass eng kontinuéierlech Aufgab. An engem liberaliséierte Marché gëtt dat allerdéngs och net méi einfach.

Dat bedeit awer net, dass de Staat keng Verantwortung méi dofir dréit. Ganz am Contraire mussen mir och alles drusetzen, fir dee Spillraum, deen do ass, am allgemengen Interessi ze notzen. Bis elo huet d'Regierung dat nach ëmmer gemaach, an d'LSAP

ënnerstëtzt och weiderhin all Effort souwuel um nationale wéi och um internationalen Niveau, fir d'Qualitéit an d'Sécherheet vun der Bunn ze verbessern, de Service auszebauen a méi en héijen Undeel vum Transport vun der Strooss op d'Schinnen ze kréien.

Voilà, et wonnert keen, dass ech dann och heimadder den Accord vun eiser Partei ginn. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance***.- Merci och der Madamm Hemmen. Als Nächsten huet d'Wuert ee vun deenen zwee „Engelen“, an zwar de Jeff.

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken e Merci dem Rapporteur, dem Här Carlo Back, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, mir sinn hei op EU-Basis amgaang, lues a lues eis Eisebunns geschichten, eist Eisebunnsnetz ze harmoniséieren an déi richteg Richtung.

Mee wat awer elo nach feelt, an dat ass och meng Fro un den Här Minister: Bei dëser Harmoniséierung feelt elo a puncto Sécherheet onser Meenung no dat Wichtegst, dat ass beim Material an der Infrastruktur op länneriwwergräifendem Niveau. Ech mengen, do hu mer an deenen eenzelne Länner eenzel Virschreften, eenzel Akeef. An ech mengen, hei wier et am Interessi vun der Sécherheet och wichteg, datt mer géifen investéieren oder wéinstens emol harmoniséieren. An ech wollt duerfir froen: Lafen hei Diskussiounen, fir an déi Richtung ze goen?

An ech géif domadder ofschléissen a Merci soe fir d'Nolauschteren. An ech bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetz. Ech soen lech Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance***.- Merci dem Här Engelen. Als leschten agedroene Riedner hunn ech den honorabelen Här David Wagner. An ech iwwerginn d'Plaz erëm eisem President.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Jo, jiddweree fënnt dat gutt, datt d'Eisebunn liberaliséiert gëtt, an dëser Chamber. Dobaussen, mengen ech, manner.

Den Här Rapporteur, deem ech och fir säi Rapport felicitéieren - awer ech si guer net mat sengen Aussoen averstanen, dat kann e sech denken -, huet gesot, datt d'Chambre des Salariés u sech prinzipiell zu där Liberaliséierungspolitik vun der EU seet, déi awer och gedroe gëtt an déi ëmmer gedroe gouf vun de verschiddene Regierungen, datt déi näischt bruecht hätt. Am Géigendeel, et ass eng Politik, d'Liberaliséierungspolitik ass eng Politik, déi déi europäesch Bunn futtimécht. Wien hei erzielt, datt d'Liberaliséierung vun der Bunn zu méi Durabilitéit a wat och ëmmer géif féieren, zu enger besserer Bunn géif féieren, deen erzielt de Leit Geschichten.

Et gouf gesot, en Datum gouf genannt, 1991 ass et lassgaangen. Du wier alles ganz schlecht gewiescht. Natierlech, et kann een ëmmer alles verbessern! Et hänkt och nach vun de Länner of an der EU. Du war et nach net d'EU, 1991.

Mee et ass net wouer! An der Tëschenzäit huet d'Liberaliséierungspolitik an enger Partie Länner vun der EU d'Situatioun verschlechtert! Ech schwätze vu Frankräich zum Beispill, wat e ganz gudden Reseau hat, eng ganz gutt Qualitéit hat. Et huet och eppes domadder ze dinn, datt d'Eisebunner a Frankräich sech net gewärde gelooss hunn, wou ëmmer gesot gouf, si hätte vill gestreikt, mee si hunn en u sech verteidegt. Mee an der Tëschenzäit huet sech de Reseau och verklengert an net verbessert, op d'Käschte vu Leit, déi hu missen op d'Bunn ëmklammen.

De Marc Baum huet virdru vun engem Ennemi geschwat, dat ass de Klimawandel. Et ass genau dat. Mir sinn der Meenung och, datt den ëffentlechen Transport, vu datt den Haaptennemi de Klimawandel ass zurzäit, datt den ëffentlechen Transport eng vun deene beschte Waffen ass, an déi ee misst investéieren, fir deen Ennemi ze besigen. Mee den ëffentlechen Transport funktionéiert nëmmen, wann en 100%eg - 100%eg!- an ëffentlecher Hand ass, an net, wou gedriwwe gëtt, op Konkurrenz gesat gëtt amplaz op Zesummenaarbecht! Quitte datt et och eng Zesummenaarbecht op europäeschem Niveau gëtt. Mee net Konkurrenz, nëmmen Zesummenaarbecht kann eis weiderbréngen.

Déi aktuell Politik huet zurzäit alles füttigemaach a mécht nach weiderhin alles futti. Wien ass iwwerhaapt fir d'Liberaliséierung vun der Eisebunn? Ech kenne kee Mënsch, keen normale Mënsch op der Strooss, dee seet: „Et muss een onbedéngt d'Eisebunn liberaliséieren, da geet et besser!“

Wann een en normale Mënscheverstand huet, da seet ee keng esou Sätz! Dat si vläicht eng Partie Aktionären, déi ganz kloer Interessi hunn, fir u sech Profitter ze maache mat enger Eisebunn, déi mir historesch, d'Leit historesch opgebaut hu mat ëffentleche Gelder; eng Partie Politiker, déi einfach



wëlle matlafen, well et besser ass, a kee Courage hunn, fir géint déi Politik ze goen, a vläicht e puer Ideologen, déi nach un Iddie gleewen aus dem 18. oder 19. Joerhonnert, déi bewisen hunn, datt se net funktionéieren.

Schlussendlech huet déi ganz Politik, déi ganz Liberaliséierungspolitik vun der EU u sech zur Konkurrenz vu privaten Acteure gefouert amplaz zur Zesummenaarbecht. Genau de Géigendeel vun deem, wat ëmmer europäesch Solidaritéit genannt gëtt! Si huet zu Sozialdumping gefouert, hat en negativen Impakt op d'Sécherheet, huet dozou gefouert, datt manner rentabel Trajete fale gelooss gi vu privaten Operateure respektiv mussen déi da vun der ëffentlecher Hand iwwerholl ginn. An deem Eenzegem, deem dorunner gewënnt, dat si d'multinational Entreprisen. Zu Recht seet d'Chambre des Salariés dat, a si wësse ganz genau, vu wat se schwätzen! Op jidde Fall eendeiteg besser wéi déi, déi esou Gesetzter maachen.

Mir hunn och hei an deem Avis jo nach eng Partie Ängschten, déi expriméiert ginn. D'Outsourcë vun enger Partie Servicer, dat kéint weiderhin nach stattfannen. Dat ass jo och am Artikel 4, mengen ech, ermëzefannen. A prinzipiell och allkéiers deem ëmmer schläichenden Transfert vu Kompetenzen op déi Agence ferroviaire européenne, déi souwisou an engem Liberaliséierungsgeescht funktionéiert. Dat wäert net zu enger Verbesserung vum ëffentlechen Transport an der Europäescher Unioun féieren.

An dann eng ganz kleng Fro, an dat ass och eng Fro, déi d'Chambre des Salariés opwerft. Ech hunn oft doriwwer geschwat. Mir hu virdrun doriwwer geschwat, datt et ëmmer besser ass, eng Administratioun ze schafe wéi en Établissement public. Et ass och besser, en Établissement public à la limite ze schafe wéi eng Société anonyme. Zurzäit hu mer nach ëmmer den Tram, deem nach ëmmer an enger Société anonyme ass, deem natierlech zu 100 % an ëffentlecher Hand ass: 70 % de Staat, 30 % d'Stad Lëtzebuerg. Firwat kéint een net dohinnergoen an och den Tram endlech total ëffentlech maachen, wéi et sech géif gehéieren? Well dat wier och vill besser fir déi Leit, déi do schaffen, an deem hätt och zum Beispill kënnen an déi Administratioun vu virdrun nach dragesat ginn. Mir sinn der Meenung, datt een awer och nach déi Saach do misst betruuchten.

Dat gesot, wäert Der verstoen, datt mer selbstverständlech deem heite Projet de loi net kënnen ënnerstëtzen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Wagner. A leschte Riedner zu dësem Projet ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*). - Merci, Här Président. Merci dem Carlo Back och hei fir säi gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. Wien de Programm vun de Piraten kennt, dee weess, wéi kritesch dass mir géigeniwwer vun der Liberaliséierung vun der Schinn sinn. D'Mobilitéit ass fir eis e Grondbedierfnis a grad dowéinst muss d'Mobilitéit an engem Land ënnert der Kompetenz vum Staat bleiwen. Mir sinn do ganz no bei der Chambre des Salariés.

Virdrun hu mer dovou geschwat, dass d'Personal beim Verkéiersverbond no laange Joren de Statut vum Employé d'État kritt. Bei den CFL ass d'Geschicht e bësse méi komplizéiert. Hei hänkt een an engem spezielle Statut, wou een u sech an der Zäit nach mam Fonctionnaire gläichgestallt war, mee wou awer vu staatlecher Säit verhënnert ginn ass, de Beamten iergendwann de Fonctionnairesstatut unzeerkennen. An dat fanne mir Piraten net gutt. Well et géif der Sécherheet am ëffentlechen Transport zum Beispill guttduen, wann d'Kontrollen am Zuch géife vu vereedegte Staatsbeamte gemaach ginn. D'Kontrolle kéinten dann am Kader vun engem Gesetz gemaach ginn, wéi d'Douanieren oder verschidde Beamte Sanktiounen am ëffentlechen Transport schreiwen, wann d'Leit sech net un d'Reegelen halen.

Dofir ass eis Positioun ganz kloer: Mir si géint en Ofbau vu soziale Bedéngunge vun der Schinn, wann et bedeit, dass mer ufänken, d'Aarbechtskonditiounen bei den CFL méi schlecht ze maachen. Am Géigendeel, mir géifen et wëllkommen heeschen, wann d'CFL-Employéen endlech aus hirem Statut kéinten erauskommen, fir dem Passagéier hei am Land nach besser kënnen ze dengen, mam Zil vun enger gratisser a moderner Mobilitéit fir jiddwereen.

Bei deem Gesetz spillt d'Liberaliséierung vun der Schinn allerdéngs nëmmen am Hannergrond eng Roll. Dëst Gesetz ass nämlech d'Resultat dovunner, dass d'Schinnennetz endlech europäesch geduecht gëtt a Mindeststandarde gereegelt ginn, virun allem wat d'Sécherheitsformatioun vum Personal betrëfft. Nëmmen esou kënnen och eis CFL weiderhin e staarke Garant fir de Schutz vun hiren Aarbechter bleiwen.

Elo ass et vläicht souguer de Moment, fir d'CFL zum Aushängeschëld vun der Groussregioun ze maachen. D'CFL kéinten e Virreider am Revival vun

der Schinn ginn, méi international Stiedverbindungen opbauen, méi Strecken an der Groussregioun, jo, Nuetszich aféieren a souguer d'Schinn touristesch entwéckelen.

Wéi gesot, mir si frou, wann d'EU Reegelen opstellt, déi zur Harmoniséierung vun de Reegelen tëschent den EU-Staate bäidroen. Aus deem Grond wäerte mir och haut dëse Projet mat Jo stëmmen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*. - Här President, fir d'éischt emol dem Rapporteur merci fir säi Rapport vun deem ganz technesche Projet, dee bestëmmt net ëmmer esou einfach ze verstoe war. An natierlech allen Deputéierten och merci fir hir Interventioun, obschonn ech muss soen, datt ech um Schluss elo e bësse schwindeleg gi sinn, wéi ech verschidden Interventiounen héieren hunn, well ech net méi esou richteg wousst, a wat fir engem Projet mer hei wären. Ech hu mech ee Moment gefrot, ob mer den Ordre du jour geännert hätten an iwwer e ganz anere Projet hei géife schwätzen.

An ech muss soen, Här Goergen, Dir hutt awer elo um Schluss d'Konschtstéck fäerdegbruecht, dat ass awer phenomenal! Dir hutt engersäits gesot, Dir wäert der Meenung, d'Piraten wäer géint all Liberaliséierung an Dir géift de Statut verteidege vun deene Beamten, wat weess ech net nach alles. An da sot Der zwou Minutten hannendrop, d'CFL missten elo gréisser Zich organiséieren an der Groussregioun, Nuetszich op Paräis oder Gott weess wat.

Dir misst mer just nach erklären, wéi dat da géif goen! Well da penetréiere mer jo op den Nopeschreesau. Dat heescht, dat setzt jo viraus, datt dat muss liberaliséiert sinn, ier een dat och dierf maachen. Wéi dat och alles soll goen ouni Liberaliséierung, dat géif ech emol gäre wëssen, an ob Der mer dat emol eng Kéier méi genau kéint beschreiwen! Ben, enfin, op e bësse Widderspréch kënnt et heiansdo net un.

Iwwer wat stëmme mer haut of? Et ass den technesche Piliier vum Paquet ferroviaire. An ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dee Paquet ferroviaire, deem ass ënner Lëtzebuerger Présidence duerchgaangen, an net duerchgaangen esou, wéi d'Kommissioun e wollt. Dir kënnt lech erënneren, an den Här Back huet et am Historique jo och opgeléscht, datt an der Ursprongsfassung effektiv hätt solle mat deem véierte Paquet ferroviaire, an der Kontinuitéit vun deenen éischten dräi, relativ blann liberaliséiert ginn. An dat hu mer fäerdegbruecht ënner Lëtzebuerger Présidence, datt dat eebe just net geschitt ass!

Dat heescht, deem Deel, dee scho gestëmmt ginn ass vun der Chamber, wou et drëms geet, wien dierf ënner wat fir enge Konditiounen op wat fir engem Réseau wat do maachen - muss ausgeschriwwen ginn, muss net ausgeschriwwen ginn? -, do si weesentlech Ännerungen drakomm. An déi Ännerungen, déi zum Beispill drakomm sinn, maachen, datt mer zu Lëtzebuerg weider kënnen als Staat am Kader vun engem Contrat de service public - Contrat de service public! - de Réseau, de ganze Lëtzebuerger Réseau verginn un eng Gesellschaft. An ech kann lech soen, ech sinn amgaangen dat virzebereeden. Déi ganz Verhandlungen, déi lafen am Moment mat de Lëtzebuerger CFL, fir nach am Kader vun dëser Legislaturperiod de Contrat de service public op den Instanzewee ze bréngen an och zu engem gudden Enn ze féieren, hoffentlech an de Verhandlung mat där Gesellschaft, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, déi d'CFL ass, déi zu 100 % dem Lëtzebuerger Staat gehéiert.

Hei stëmme mer awer net doriwwer of! Hei stëmme mer of iwwer eppes, wat awer extreem wichteg ass: datt souguer, wann een an engem Zenario wär, Här Wagner, datt mer an Europa nëmmen iwwerall reng staatlech Gesellschaften hätten an datt déi just op hire Reseau geïfte fonctionéieren, da jo awer misst Interoperabilitéit garantéiert sinn. Respektiv d'Interoperabilitéit ass eng Virussetzung, datt de schinnegebundene Verkéier endlech uerdentlech fonctionéiert, eng aner Qualitéit kritt, datt d'Standarden, d'Sécherheitsstandarden europäesch ugeglaach ginn. Den ETCS (ndlr: European Train Control System) zum Beispill ass e Projet, dee kënnt aus Europa! Lëtzebuerg huet dee jo ëmgusat. Dat ass den topp Sécherheitsstandarde, deem et de Moment gëtt, an dee gëtt elo europawäit etabliert.

Ma dat ass dank Europa, datt dat geschitt! Dat ass eng gutt Saach. Dat ass en Deel vun där ganzer Interoperabilitéit. An duerfir, ech kann à la limite verstoen, och wann ech net mat lech averstane sinn, datt Der géint deem éischten Deel, dee mer hei am Parlament haten, deen aneren Deel vun deem Paquet ferroviaire, gestëmmt hutt, mee ech kann et wierklech net novollzéien, datt Der deem hei net wëllt stëmmen, well hei geet et per se drëm, datt mer d'Eisebunne moderniséieren, zesumme gemeinsam Sécherheitsstandarde kënnen opstellen, fir datt d'Eisebunne méiglechst optimal kënnen fonctionéieren, ob se staatlech sinn oder net.

An dat ass eng immens réckstänneg Situatioun, an där mer haut sinn, haut, wou d'Standarden iwwerall anescht sinn, wou ech muss, wann ech vum Lëtzebuerger klenge Réseau op Tréier fueren, en anere Standard hunn, wéi wann ech a Frankräich op Thionville fueren an esou weider an esou fort. An duerfir, dat ass dat, wat hei garantéiert gëtt, an dat gëtt natierlech och iwwer eng europäesch Agentur europäesch gefestegt. Dat ass net en Transfert vu Kompetenzen, well eisen eegene Regulateur bleift och bestoen. Dee schafft natierlech zesumme mat deem europäeschen, a mir kucken hei, europäesch Virgaben ze ginn, déi ech awer begreissen!

Ech si fir gemeinsam europäesch Standarden, zum Beispill an der Sécherheet um Schinnereseau oder och an der Qualitéit. An duerfir, wéi gesot, ass dat einfach falsch ze maachen, wéi wann elo hei duerch deem heite Projet iergendeppes a Richtung vu Privatiséierung géif gemaach ginn. Dat stëmmt einfach net! Dat hei ass e gudden Projet an duerfir sinn ech frou, datt der och vill derfir wäerte stëmmen.

Da wëll ech och eppes soen zu der Fro - Dir hutt virdrun d'Beispill vu LuxTram zitéiert - vu Privatiséierung oder Netprivatiséierung. Wat ass Privatiséierung? Dat kann een och verschidde gesinn. Et kann ee soen, Privatiséierung ass effektiv, wann zum Beispill an enger Gesellschaft, och wa se zu 100 % dem Staat oder dem Public gehéiert, net lauter Staatsbeamte schaffen.

Dat ass awer net meng Meenung. Dat ass net meng Perspektiv a meng Vue vu Privatiséierung! Wa LuxTram als Gesellschaft zu 100 % dem Staat an enger Gemeng gehéiert, also 100%eg public ass, dann ass dat natierlech kloer, datt dat eng staatlech Gesellschaft ass. Déi huet jo och kee Konkurrent de Moment. Si huet de Monopol de Moment zu Lëtzebuerg a si fiert nëmmen a Fonctioun vun engem Cahier des charges a vu Virgabe vu Staat a Gemeng - enger Gemeng, an an Zukunft warscheinlech nach méi Gemengen. Also ass dat net eng Privatiséierung.

Elo kënnt Der mer soen: „Et ass schued, datt op dem Tram déi Chauffeuren, déi dorobber fueren, keng Staatsbeamte sinn!“ Mee do musse mer eis awer d'Fro stellen: Mussen dat da Staatsbeamte sinn, déi dorobber fueren? Dat ass eng Fro, déi ee sech ka stellen. A wann ech dat soen, da wëllt dat awer net heeschen, datt ech domadder d'Sozialstandarde souguer wëll erofschrauwen. Et ass net all Sozialstandard, dee beim Staat ass, besser wéi deem, dee beim Privatsecteur ass. Sou gëtt plazeweis am Privatsecteur besser verdéngt wéi beim Staat! Oder d'Konditiounen si besser wéi beim Staat!

Kommt, mir halen dach eng Kéier op ze diskutéieren, wéi wann eleng de Fait, datt een net Staatsbeamten ass, wann een an enger ëffentlech-rechtlecher Gesellschaft schafft, wéi wann dat schonn eng Privatiséierung wär! Ech mengen, dat ass ganz sécher net de Fall. Doriwwer kann ee gäre vill diskutéieren, och ënner anerem iwwer aner Statuten, mee dat ass haut net um Ordre du jour gewiescht.

Ech si frou fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet.

■ **Plusieurs voix**. - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch. Parole après ministre fir den Här David Wagner.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Merci, Här Président. Ech wäert mech beschränken op déi lescht Fro, déi den Här Minister thematiséiert huet: LuxTram.

Eng Société anonyme, wat jo LuxTram ass, quitte datt se zu 100 % am Besëtz ass vun der ëffentlecher Hand, 70 % de Staat, 30 % d'Stad Lëtzebuerg, ass nach weiderhi keng staatlech Entreprise! Mir schwätzen hei vun zwou Saachen, den Här Minister vermëscht zwou Saachen: Privatiséierung a Liberaliséierung. Mir si géint Privatiséierung, souwuel géint Privatiséierung, wat géif bedeiten, datt ee wierklech dann eng ëffentlech Administratioun, en Établissement public total géif a privat Hänn ginn. Dat ass eng Privatiséierung.

Dat heiten ass eng Liberaliséierung am Sënn, datt een eng Gesellschaft grënnt, quitte datt d'Kapital zu 100 % ëffentlech ass, wat jo awer kéint änneren, an zweetens, well d'Konditiounen och innerhalb vun dëser Gesellschaft aneschtens sinn. An et ass jo och net fir näisch, datt ganz am Ufank et direkt lassgaangen ass: Do ass et direkt zu engem Aarbechtskonflikt komm, mee justement, well déi Leit, déi do schaffen, net déi korrekt Konditiounen haten an och net korrekt Paien haten; an déi sollen awer eng wichteg Aarbecht maachen!

An ech verstinn elo och net, wéi een einfach esou ka soen: „O, et ka jo net jiddwereen e Staatsbeamte sinn!“ Bon. De Problem ass deem, datt mer eis mussen eens sinn, ob mer der Meenung sinn, datt den ëffentlechen Transport ëffentlech soll sinn an datt déi Leit, déi am ëffentlechen Transport schaffen an déi och eng ganz wichteg an eng ganz sensibel Roll hunn, well et esou einfach guer net ass an d'Aarbechtskonditiounen schwéier sinn, datt déi och

iwwerhaupt dierfen e Statut hunn, deem ëffentlech ass, an och Aarbechtskonditiounen hunn, déi ermëglechen, d'Aarbecht richteg ze maachen am Sënn vun der Allgemengheet.

Well wa mer eng SA gegrënnt hunn, fir LuxTram ze maachen, da war et jo a Wierklechkeet u sech ursprénglech och eng Mesure fir ze spueren. Dat ass de ganze Problem. Also et war eng Liberaliséierung, a mir sinn der Meenung, datt dat hautdesdaags nach ëmmer eng almoudesch Léisung ass. An eng modern Léisung ass déi, datt een den ëffentlechen Transport innerhalb vun ëffentlechen, richtegen ëffentleche Societëte grënnt. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci, Här Wagner. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Bausch.

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*. - Jo, ganz kuerz, Här President. Ech mengen, mir kommen hei net ganz openeen. Mee dat verwonnert mech elo net, well Dir hutt effektiv eng aner Konzeptioun dovun, wéi eng Gesellschaft fonctionéiert.

Nach eng Kéier: Ech sinn der Meenung, datt déi Leit, déi an enger Gesellschaft wéi LuxTram schaffen, datt déi e Kollektivvertrag hunn. An dee Kollektivvertrag ... Iwwregens, et war kee Sozialkonflikt, et war eng normal Negociatioun.

(Interruption par M. David Wagner)

Jo! War dann e Streik, Här Wagner? Ech hu kee Streik gesinn.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - A, mee de Sozialkonflikt ...

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*. - Hutt Dir dann ni ...? Dir kennt jo awer warscheinlech d'Situatioun, Dir wësst jo och, datt et am Privatsecteur oft Diskussiounen an Negociatiounen ginn, déi begleet gi vu Fändelen a vu Pannoen a vun Ausenanersetzungen. Mee e Sozialkonflikt, dorënner verstinn ech, wann et effektiv net zu enger Eenegung komm ass. Et ass jo awer hei zu enger Eenegung komm, muss ech lech soen.

Also, wann Der sot, fir hei Paie mateneen ze vergläichen - ech mësche mech net an an dat, wat do diskutéiert ginn ass -, mee do kann ee jo awer net soen, datt an enger Gesellschaft, wou nei Beruffer entstane sinn ... Do huet ee jo och kee Vergleichswäert iwwerhaupt gehat zu Lëtzebuerg. Bon. Mee wéi gesot, Här President, ech mengen, ech gi mam Här Wagner do net ganz eens. Mee dat ass awer elo net weider dramatesch.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci, Här Mobilitéitsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7493. Den Text steet am Document parlementaire 7493⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7493 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closenier, MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens : Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel : Service du compte rendu de la Chambre des Députés Service des relations publiques de la Chambre des Députés Tél. 466 966-1

Saisie de texte : Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page : Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale : brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries : Mediahuis Luxembourg SA 60, rue des Bruyères L-1274 Howald

Editpress SA Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll L-4361 Esch-sur-Alzette

Meter läit déi spéider zentral Achs Nordstad, déi Ettelbréck mat Dikrech verbënnt.

Et gouf immens laang no engem ideale Standuert gesicht. De Site, wou de Lycée elo entstoe wäert, gouf vun de staatleche Verwaltungen 2012 als Méiglechkeet identifizéiert. Do ronderëm waren d'politesch Entscheedungen awer komplizéiert a vu villem Hin an Hier geprägt, vun Differenzen op nationalem Plang a vun divergente lokalen Interéte vun den Nordstadgemengen.

Et gouf deemools nämlech net nëmmen den Nordstad-Lycée ze placéieren, mee virun allem och den Neibau vun der Ettelbrécker Akerbauschoul nieft hire Versuchsfelder, de Laboen an der ASTA, engem Internat an nach e puer weideren Elementer. An de Choix fir ee Projet hat ëmmer direkt och Konsequenze fir déi aner. Et war deemno e ganz schwie-regen a komplexe politesche Puzzle, wou d'Stécker tëscht Stad a Gemenge ganz laang net aneneege-passt hunn.

Déi lescht Regierung huet dunn awer 2014 en Accord tëscht alle Bedeelegte fonnt, deen déi lescht Problemer léise konnt, an doropshi gouf och de Site vun lerpeldeng confirméiert.

Weider Detailer zur Entsteegungsgeschicht erspueren ech lech hei beim mëndleche Rapport. Dës konnt Der a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Mat Bléck op den Timing vum Bauprojet a vun enger eventueller Expropriatiounsprozedur - de Minister hat an der Kommissioun vun 2027 geschwat - gëtt kloer, datt eng lwwergangsléisung néideg ass, fir der aktueller Situatioun an de limitéierte Schoulcapacitéiten entgéintzewierken. D'Regierung huet deemno no enger provisorescher Léisung ge-sicht, bis den definitive Campus opgoe soll.

Dir erënnert lech vläicht nach, beim leschten Débat d'orientation iwwert d'Grands projets huet d'Chamber hiren Accord de principe ginn, fir net wäit ewech vum definitive Site eng héichwäerteg Structure préfabriquée opzeriichten. Hei kéinten da complémentaire zum aktuellen Haaptgebai zu Dikrech bis zu 450 Schüler a Schülerinnen opgehol-l ginn. Dës Struktur soll adequat a modern Eke-pementer bidden, fir Entlaaschtung suergen an dem Nordstad-Lycée erlaben, seng Ausbildungsoffer schonn en vue vum definitive Komplex ausze-bauen. Nom Plënnere vum Nordstad-Lycée wäert d'Gemeng lerpeldeng dëst Gebai dann och fir hir eege Besoinen notzen.

Da ginn ech nach kuerz op den eigentleche Bau-projet vum Nordstad-Lycée an. Deen neien Nordstad-Lycée wäert ronn dat Duebelt u Vollzäitschüler accueilléiere kënnen, wéi dat momentan de Fall ass, plus weider 540 Schüler mat Deelpresenz aus der Berufsausbildung, also eng Capacitéit vun insgesamt iwwer 1.700 Schüler a Schülerinnen.

Mam neien Nordstad-Lycée-Campus entsteet also e groussen a flotte Projet, deen ee weideren attrak-tive Bildungspol an der Nordstad schafe wäert. De Bauprojet gesäit fir den Enseignement insgesamt 47 Klassenäill, 13 Spezialsäill, 5 Laboen a 24 Ate-liere vir. Derbäi kommen dann natierlech nach déi néideg Raimleckekeete fir d'Verwaltung, fir de Corps enseignant, fir de SePAS, fir de Foyer scolaire, fir d'Schoulmedezinn, fir de Centre d'information et de documentation, fir d'Restauratioun a fir de Ser-vice technique.

An natierlech sinn och Sportsinfrastrukture virge-sinn, déi ech gären am Detail opziele wëll, well se wierklech virbildlech sinn an de Schüler eng bean-drockend Offer bidden.

Et ass eng grouss Sportshal virgesi mat dräi Unitéi-ten an zwee multifunktionale Säill. Da kënnt eng Schwämm mat sechs Couloiren dohin. Bausse komme weider zwee Multisportterrine plus e Beachvolleyballsterrain. An eng Wäitsprongspist ass och matageplangt. Dat ass eng enorm sportlech Offer, déi de Schüler hei zur Verfügung gestallt gëtt a vun där bei dëser Ganzdaagsschoul sécher gutt profitéiert wäert ginn. En plus kënnen och d'Bierger aus der Gemeng vun dëse Sportsinfrastrukture profi-téieren, natierlech zu deene Momenter, wou se net vun der Schoul besat sinn.

Da gëtt beim Bau och grousse Wäert op nohaltegt Bauen an d'Notzung respektiv d'Produktioun vun erneierbaren Energië geluecht. De Concept énergé-tique baséiert op folgenden Haaptobjektiver:

Et geet drëms, eng gutt thermesch Enveloppe ze hunn, déi am Wanter d'Hëtzt dobannen hält an am Summer net iwwerhëtzt. D'Zil vun der Bëtons-struktur ass et, d'Inertie vum Gebai ze notzen, fir d'Hëtzt souzesoen ze stockéieren, datt se dann iwwert d'Nuecht erausgeet, wat erlaabt, déi tech-nesch Installatiounen op e Minimum ze reduzéie-ren. En interessante Punkt ass och déi natierlech Beliichtung, déi hei duersch d'Bannenhäff er-méiglecht gëtt. Och dat bréngt mat sech, datt déi technesch Installatiounen an de Stroumverbrauch minimiséiert kënnen ginn. D'Heizung baséiert op der Notzung von Holz a Kombinatioun mat enger Wäer-mepompe! an d'Gebai gëtt selbstverständlech och mat enger Fotovoltaikinstallatioun ekipéiert.

E weidere flotte Projet ass d'Amenagement vun engem Parc écologique. Den aktuellen Nordstad-Lycée huet dëst momentan och schonn zu Dikrech, wat relativ vill Uklang bei de Schüler a Schülerinne fënnt. An dëse Parc écologique sollen eenhee-mesch Beem an Hecke kommen, e Geméisgaart, e Bongert, eng Zär, e klenge Weier, Beie gi geziicht, an all dës Aktivitéite ginn an den Alldag vun de Schüler matagebonnen.

Als leschte Punkt maachen ech nach eng kuerz Oplëschtung vun der Enseignementsoffer vun dësem neie Schoulkomplex:

8 Klasse sinn am ëneschten Zyklus vum En-seignement secondaire classique virgesinn, 31 Klassen am ëneschten Zyklus vum Enseignement secondaire général, 8 Klassen an der Sektïoun Sciences de l'ingénierie a 4 Klasse an der Sektïoun Sciences sociales vum ieweschten Zyklus vum Gé-néral. Da 4 Berufsausbildungsklasse fir den Di-plôme de technicien an der Sektïoun Mécanique gé-nérale, 27 Berufsausbildungsklasse fir den Diplôme d'aptitude professionnelle an de Beräicher vun de Métiers de la mécanique, vun de Métiers de la construction et de l'habitat an de Métiers de la mode, de la santé et de l'hygiène, an 18 Berufsaus-bildungsklasse fir de Certificat de capacité profes-sionnelle an de selwechte Beräicher wéi fir den Diplôme d'aptitude professionnelle.

Als Ofschloss dann: De Projet gouf den 28. August 2020 vum Här Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten, deposéiert. De Conseil d'État huet säin Avis de 17. November ofginn an d'Kom-missioun vun der Mobilitéit a fir ëffentlech Baute krut de Projet den 10. Dezember presentéiert an huet hir Aarbechten de 14. Januar mat der Adop-tioun vum Rapport ofgeschloss.

Aner Avise wéi dee vum Staatsrot gëtt et bei dë-sem Projet keng. Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech soen der Rapportrice, der Madamm Chantal Gary, villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriw-wene Riedner, den honorabelen Här Aly Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Aly Kaes (CSV)**.- Merci, Här President. Erlaabt mer fir unzefänken, der Madamm Rapportrice, dem Chantal Gary, villmools Merci ze soe fir deen exzel-lente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Bon, si ass wierklech am Detail op déi eenzel Punkte vun deem Projet agaangen, soudatt ech mer géif erla-ben, net méi dorop anzegoen, fir lech net ze lang-weilen.

■ **M. André Bauler (DP)**.- Dir langweilt eis ni.

■ **M. Aly Kaes (CSV)**.- Merci, Här Bauler.

Erlaabt mir awer dach, e puer Remarken ze maa-chen. Fir d'éischt soen ech ganz kloer, datt d'CSV-Fraktioun dëse Projet ënnerstëtzt, ...

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Aly Kaes (CSV)**.- ... well et ganz néideg ass, datt endlech eng definitiv Struktur kënnt vum Nordstad-Lycée. Et ass scho gesot ginn, zënter 2007 ass den Nordstad-Lycée an engem Proviso-rium zu Dikrech an e geschitt elo esou, datt jo erëm eng Kéier awer emol fir d'éischt e Proviso-rium realiséiert gëtt zu lerpeldeng un der Sauer.

Och dorop ass d'Madamm Gary ze schwätze komm, datt et jo drëm geet, datt a sech d'Gemeng den Terrain stellt, dann de Staat dat Gebai do drop-setzt, an - den Här Minister weess et - dat wäert awer schonn nach eng ganz Rei Joren daueren. E seet selwer, oder mir stelle selwer fest: 2027 soll et mam Bau ugoen, 2027 plus weinstens awer eng seriö Zäit fir de Bau, soudatt ee kann dervun aus-goen, datt et tëschent 10 a 15 Joer brauch, ier wierklech dee Lycée do bezuchsfäeg ass, d'autant plus wou mir jo a sech zwar hei e Projet vun 157,3 Millioune stëmmen, mee mir setzen en nach néie-rens, well mir hunn nach keen Terrain. Dat muss een awer ganz kloer soen.

Ech wollt awer nach zwee Wierder zu deem Pro-visorium soen. Mir fannen et eng ganz gutt Saach, datt duerno d'École fondamentale vun der Gemeng lerpeldeng soll do drakommen. Wann ech awer kucken: Éischstens stellt d'Gemeng lerpeldeng den Terrain, an dat ass jo net grad näischt, wann ee weess, datt et net esou einfach ass, Terrainen ze kréien, zweetens dauert et esou laang, wéi den Nordstad-Lycée dran ass, dat heescht, dat Gebai wäert net méi nei sinn. An drëttens, wann een e Fundamentalsgebai baut, da kritt ee jo bestëmmte Subventioune vum Staat, déi hei net wäerte fléis-sen oder kaum wäerte flëissen. Duerfir soen ech nach eng Kéier oder drécken ech nach eng Kéier de Wonsch aus, datt wierklech d'Gemeng lerpeldeng dat Gebai hei, wann et dann eng Kéier fräi gëtt, fir näischt kritt an datt net nach iergendwou d'Ge-meng lerpeldeng muss dem Staat Remboursemen-ter maachen. Dat wollt ech zu deem Punkt soen.

Da soen ech ganz kloer, datt et awer fir d'éischt ass, datt am Héichbau e Projet gestëmmt gëtt, fir

eng Infrastruktur ze realiséieren, an et besteet keen Terrain. A 5,8 Hektar ass jo awer net grad näischt. A wann ee weess, datt sech do awer eng ganz Rei Leit queeschstellen, da sinn ech absolutt mat lech d'accord, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, fir wierklech Terrainen ze kréien, sougutt um kommu-nale wéi um nationale Plang. Mee mir müssen op jidde Fall alles drusetzen, an ech mengen, Här Mi-nister, et muss alles drugesat gi fir eng Enteegnung ze verhënneren. Och wann am Gesetz d'Utilité pu-blique virgesinn ass an doduerch ganz einfach d'Méiglechkeet ass fir ze enteegnen, da mengen ech awer, datt et wichteg ass, datt mer alles dru-setzen, fir net brauchen ze enteegnen. Well dat géif sécher an der Regioun an iwwert déi Regioun eraus dozou féieren, datt et an der Zukunft nach méi schwéier gëtt, fir Terrainen ze kréien, wa mer solle kommunal oder national Infrastrukture realiséie-ren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Aly Kaes (CSV)**.- Da wollt ech awer och nach soen - et ass opgezielt ginn, wat fir eng fantas-tesch Infrastruktur a sech realiséiert gëtt oder soll realiséiert gi fir de Sport -, datt ee vläicht awer nach niewent der Gemeng lerpeldeng och ron-derëm hätt kënnen kucken, wat fir eng Besoine be-stinn. Mat klengen Adaptatiounen hätt ee vläicht awer kënnen all deene Gemenge ronderëm a be-sonnesch den Nordstad-Gemenge respektiv de Sportsveräiner aus der Nordstad an doriwwer eraus och d'Moyene ginn, fir kënnen vun den Infra-strukturen ze profitéieren. Esou ass zum Beispill bei der Sportshal keng Tribün, wat awer en Handi-cap ass.

Bon, den Här Minister ka mer vläicht e puer Erklärungen dozou ginn. Et wier awer op jidde Fall nätzlech gewiescht, wann dat och méiglech wier, ganz einfach well mer d'Sue jo awer net um Koup leien hunn, a wann een do ka Synergjé maachen, dann ass dat jo awer ganz positiv.

Bon, dat gesot, mengen ech, kommen ech zum Schluss. An ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'CSV-Fraktioun dee Projet hei ënnerstëtzt a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kaes. An da wier et um honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler (DP)**.- Här President, léif Kollee-ginnen a Kolleeen, et wäert lech sécher net immens iwwerraschen, wann ech lech soen, dass ech als Bierger aus dem Dikrecher Kanton ganz ze-fridden iwwert dëse Gesetzesprojet sinn, dee mer haut hei am Plenum däerfen diskutéieren. Et ass e Projet, dee wichteg ass, e Projet, deen néideg ass, dee mer am Kanton Dikrech an doriwwer eraus brauchen, an dat net zënter gëschter. Et ass nämlech och e Projet, dee schonn e bësse méi laang ënnerwee ass.

Ech ka mech effektiv gutt drun erënneren, wéi ech viru bal zéng Joer, an zwar Ufank Mäerz 2012, den deemolege Bauteminister Claude Wiseler a menger Qualitéit als Burgermeeschter op der Gemeng zu lerpeldeng-Sauer empfaangen hunn, fir iwwer e méigleche Standuert vum Nordstad-Lycée ze schwätzen, a wéi mer no eiser Reunioun am Sëtzungssall vun der Gemeng eng Descente sur les lieux an d'Gewan tëscht dem Alzheimer-Zentrum an dem fréiere Laduno-Gebai gemaach hunn.

Et war deemools scho gewosst, dass et mat de schouleschen Infrastrukturen à terme net géif duergoen an dass dowéinst en neie Lycée misst gebaut ginn. Am Laf vun der Zäit ass och beim ak-tuellen Nordstad-Lycée - mir kennen d'Geschicht - ëmmer lénks a riets e Gebai derbäikomm, et sinn Annexe komm. Jee, wann ee sech dat esou ukuckt, et war alt ëmmer e bëssen esou en Hin an Hier amplaz vun engem groussen Neibau, wou een, wann net alles, dann awer e gudden Deel ënner-daach kritt. Dat ass och net ëmmer einfach, ech ginn dat hei op dëser Plaz gären zou, zemools an engem Land, wou et ëmmer méi schwéier gëtt, fir de gëeegenten Terrain ze fannen.

Den aktuellen Nordstad-Lycée zu Dikrech ass jo och nëmmen, vum Gebai hier, e Provisorium. Et be-steet also en Handlungsbedarf, denke mer nëm-men un déi sportlech Infrastrukturen. A mat dem Projet vun haut ginn an enger éischter Etapp Neel mat Käpp gemaach.

Iwwert déi lescht Joren ass d'Populatioun vun de Schüler stänneg gewuess an domadder och de Be-soin fir nei, adequat Infrastrukturen an d'Luucht gaangen. Dës Evolutioun wäert sech an Zukunft mat der weiderer Entwécklung vun der Nordstad als drëtte Pôle de développement hei am Land zouspëtzen.

Déi infrastrukturell Stärkung vum Norde grad ewéi och déi vun den anere Regiounen am Land ass fir eis als DP absolutt eng landesplaneresch Nout-wendegkeet. D'Dezentraliséierung, sief et vun de Verwaltungen a vun den Aarbechtsplazen insge-samt, ass an eisen Aen eent vun de wichtegsten